CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
07 OCT. 2019
1291

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/10/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung, Aarbecht & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Vill Patronen aus dem Handwierk kënnen ausgeschriwwen Aarbechtsplazen aktuell net eleng mat Kandidate vum lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart besetzen, well et e Manque u qualifizéiertem Fachpersonal gëtt. Leider kennen si oft och net op Kandidaten aus dem Ausland zeréckgräifen, well vill auslännesch Aarbechter iwwert Ausbildungen an Diplomer verfügen, déi zu Lëtzebuerg net unerkannt ginn, esou dass dës Persoune fir d'éischt eng *Validation des aquis* ufroe mussen, éier si hei am Land schaffe kënnen. Fir kleng Entreprisë kann et allerdéngs séier zu enger substantieller Belaaschtung ginn, wann een Aarbechtsposte länger Zäit net besat ka ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ufroe fir eng *Validation des aquis* goufen am Joer 2018 a wéi vill bis elo am Joer 2019 gemaach?

   Wéi vill dovu vu Persounen aus dem EU-Ausland a wéi vill vu Persounen aus anere Länner?

2. Wéi vill vun dësen Demandë goufe mat der Ausstellung vun enger *Validation totale*, wéi vill mat der Ausstellung vun enger *Validation partielle* a wéi vill mat engem Refus ofgeschloss?

3. Wéi vill Zäit vergeet an der Moyenne tëscht der Ouverture vun engem Dossier vir eng *Validation des aquis* an dem Oofschloss vun dësem Dossier?

4. Ass de Bildungsminister der Meenung, dass d'Ausstellung vun enger *Validation des aquis* kéint méi séier erfollegen, duerch eng Upassung vun den entspriechende Prozeduren?

   Envisagéiert de Minister an dësem Kontext eng Reform, fir eng Beschleunegung vum Traitement vun den Dossieren ze garantéiren?

5. Plangen den Aarbechtsministère an de Wirtschaftsministère mat konkrete Mesuren Patronen ze ënnerstëtzen, déi ausgeschriwwen Aarbechtsplazen opgrond vun engem Mangel u qualifizéierte Kandidaten net besetzen kennen?

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Falls jo: Em wéi eng Mesuren handelt et sech heibäi?
Falls nee: Wäert d'Regierung sech dem Problem op eng aner Manéier unhuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 18 novembre 2019

Monsieur le Président de la Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1291 de Monsieur le Député Sven Clement**

**Ad 1)**

D'VAE-Prozedur ëmfaasst zwou Etappen:

**Etapp 1**: D'Demande fir Bildungsleeschtungen unerkannt ze kréien, muss fir d'éischt als zoulässeg unerkannt ginn (*Demande de recevabilité*). Fir datt eng Demande als zoulässeg unerkannt ka ginn, muss nogewise ginn, datt een eng Ausbildung – formal, net formal oder informell – gemaach huet, déi:

- op mannst dräi Joer gedauert huet (mat 5.000 Stonnen), kontinuéierlech oder net kontinuéierlech;
- e Lien mat der gewënschter Qualifizéierung huet.

Unzuel vun den Demanden (Total):

| | |
|---|---|
| **2018** | **422** |
| **2019** | **275** (Zuel datéiert op den 1. September 2019) |

**Etapp 2**: Wann d'Demande als zoulässeg unerkannt gouf, muss de Kandidat eng zweet, detailléiert Demande fir d'Unerkennung areechen (*Demande de validation sur le fond*). D'Demande op Unerkennung gëtt vun enger Commission de validation analyséiert, déi dann och eng Decisioun hëlt.

Hierkonft (Statistike vun 2010 bis 2019*):

| **Lëtzebuerg** | **Unzuel** | **EU-Ausland** | **Unzuel** | **Aner Länner** | **Unzuel** |
|---|---|---|---|---|---|
| Lëtzebuerg | 2.644 | Belsch | 132 | Schwäiz | 3 |
| | | Frankräich | 327 | | |
| | | Spuenien | 1 | | |
| | | Däitschland | 131 | | |
| **TOTAL:** | **2.644** | **TOTAL:** | **591** | **TOTAL:** | **3** |

**Statistike vun 2010-2019→ Ausgangspunkt: Lieu de résidence vun de Kandidaten*

127-000188-20040816-FR

**Ad 2)**

Demanden, déi mat enger Ausstellung vun enger Validation totale, enger Validation partielle oder engem Refus ofgeschloss goufen:

**A. Statistike fir 2018**

| Décisioun | Lieu de résidence | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| | **Belsch** | **Däitschland** | **Frankräich** | **Lëtzebuerg** | **Grand total** |
| Validation totale | | 1 | 1 | 26 | 28 |
| Validation partielle | 1 | | 1 | 20 | 22 |
| Refus | 3 | 4 | 5 | 69 | 81 |
| Validation totale no enger Validation partielle | | | | 4 | 4 |
| Validation totale no zwou Validations partielles | | | | 1 | 1 |
| **Grand total** | **4** | **5** | **7** | **120** | **136** |

**B. Statistiken fir 2019** *(op den 29/10/2019)*

| Décisioun | Lieu de résidence | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| | **Belsch** | **Däitschland** | **Frankräich** | **Lëtzebuerg** | **Grand total** |
| Validation totale | | 3 | | 11 | 14 |
| Validation partielle | | | 1 | 12 | 13 |
| Refus | 2 | 2 | 7 | 30 | 41 |
| **Grand total** | **2** | **5** | **8** | **53** | **68** |

**Ad 3)**

Fir unzefänke muss de Kandidat den éischten Deel vun der Demande fir d'Unerkennung ausfëllen (*demande de recevabilité*), fir gewuer ze ginn, ob seng Demande zoulässeg ass. An dëser Demande gëtt de Kandidat un, fir wéi ee Meeschterbréif/Brevet, Diplom oder Certificat hien seng Bildungsleeschtunge wëllt unerkannt kréien. De Ministère huet 30 Deeg, fir op dës Ufro ze äntweren. Wann de Kandidat all seng Dokumenter direkt erageschéckt huet, ka seng Ufro also bannent engem Mount recevabel deklaréiert gnn.

Nodeems de Kandidat recevabel deklaréiert gouf, bitt de Ministère eng Hëllefstellung a Form vun engem Accompagnement un. D'Ënnerstëtzung ass fakultativ a gëtt op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch ugebueden. De Beroder ass e Mataarbechter vum Staat oder vun enger vun de Beruffskummeren, a seng Aarbecht besteet doran, de Kandidat ze renseignéieren, ze informéieren an hie bei der Zesummestellung vu sengem Dossier ze ënnerstëtzen an ze beroden.

Soubal deen éischten Deel vun der Demande op Unerkennung vun de Bildungsleeschtunge fir zoulässeg erkläert gouf, muss de Kandidat déi detailléiert Demande fir d'Unerkennung ausfëllen. De Kandidat kritt 2 Datume proposéiert, wou hie säin Dossier kann eraeechen. Am Ganzen huet hien ongeféier 1 Joer Zäit, fir seng Demande um Ministère ofzeginn.

D'Delaie vun de Sessiounen, fir eng detailléiert Demande fir d'Unerkennung anzereechen, sinn:

- den 28./29. Februar fir d'Sessioun Mee-Juni;
- den 31. Juli fir d'Sessioun Oktober-November.

D'Demande fir d'Unerkennung vun de Bildungsleeschtunge gëtt de Membere vun der Commission de validation ënnerbreet, déi d'Demande analyséieren an eng Decisioun huelen. Dës Decisioun geet eraus fir:

- d'Sessioun Mee-Juni: am Juli;
- d'Sessioun Oktober-November: am Dezember.

De Kandidat ka selwer entscheeden, wéini hie säin Dossier ofgëtt; op hien sech fir déi éischt oder zweet Sessioun entscheet.

*Konkret Beispill:*

De Kandidat reecht seng Demande op Zoulässegkeet am August 2019 an. Am Fall vun enger positiver Äntwert kann hien seng detailléiert Demande dann areechen:

- fir den 28. Februar 2020 (Sessioun Mee-Juni 2020)
- oder den 31. Juli 2020 (Sessioun Oktober-November 2020).

Dës Datume mussen agehale ginn; de Poststempel gëllt.

Wann déi detailléiert Demande bannent de genannten Delaien agereecht gouf, gëtt de Ministère d'Demande un déi entspriechend Commission de validation weider. Den zoustännege Service deelt dem Kandidat d'Decisioun spéitstens ee Mount, nodeems d'Commission de validation statuéiert huet, mat.

Wéi laang esou eng Prozedur an der Moyenne dauert, kann net festgehale ginn. Et hänkt dovunner of, wéi séier de Kandidat fir déi éischt Demande all seng Dokumenter eragereecht huet, vu wéini un e ka recevabel deklaréiert ginn, an duerno wéini en seng zweet Demande beim Ministère erareecht. Dëst ass ganz individuell an ass vu Kandidat zu Kandidat verschidden.

**Ad 4)**

D'Demande op Zoulässegkeet kann de Kandidat zu all Moment areechen. Wann an der éischter Etapp vun der Demande op Unerkennung vu Bildungsleeschtunge keng Dokumenter feelen, kann d'Demande als zoulässeg erkläert ginn. Duerno muss de Kandidat zur zweeter Etapp iwwergoen an eng detailléiert Demande fir d'Unerkennung areechen. D'Decisioun, datt seng Demande zoulässeg ass, ass gülteg fir déi zwou nächst Validéierungssessiounen. D'Commissions de validation kommen zweemol d'Joer zesummen.

D'Validation des acquis ass eng individuell Demarche an et läit um Kandidat ze decidéieren, wéi séier hien seng Demande wëll erareechen a wéi intensiv hien dorunner schaffe wëll. Fir d'Qualitéit vun der Evaluatioun ze garantéieren, muss de Kommissiounen Zäit fir d'Evaluatioun gelooss ginn an si kënnen och do net ausserhalb vun de Sessiounen tagen.

D'Prozedur erlaabt et awer, dem Kandidat säin Dossier virun de proposéierten Datumen ofzeginn, esou laang hien sech un d'Delaie vun de Sessiounen hält. D'Prozedur erméiglecht et also, den Dossier méi séier ofzeginn, a passt sech esou dem Kandidat un.

*Konkret Beispill:*

De Kandidat reecht seng Demande op Zoulässegkeet am Oktober 2019 an. Am Fall vun enger positiver Äntwert kann hien seng detailléiert Demande dann areechen:

- fir den 31. Juli 2020 (Sessioun Oktober-November 2020)
- oder fir den 28. Februar 2021 (Sessioun Mee-Juni 2021) (lescht Méiglechkeet).

Dat sinn déi zwee offiziell kommunizéiert Datumen, déi dem Kandidat e Maximum un Zäit loossen, fir u sengem Dossier ze schaffen. Wann de Kandidat sech awer dozou entscheet, säin Dossier éischter ofzeginn, kann hien dat och den 29. Februar 2020 maachen.

**Ad 5)**

No Konzertatioun mam Wirtschaftministère a mam Aarbechtsministère kann ech zu deem Punkt Folgendes soen:

Opgrond vun enger grousser Nofro vun de Betriber a vun de verschiddene Federatiounen a Beruffskummeren, zum Beispill am Kader vum "Trade and Investment Board", huet de Wirtschaftsministère de Regierungsrot de 4. Mäerz 2019 saiséiert, fir den Accord ze kréien, fir eng national Strategie zum Thema „Talenter" auszeschaffen, an huet och gréng Luucht dofir kritt.

Zanter Mäerz 2019 trëfft sech reegelméisseg en Aarbechtsgrupp, koordinéiert vum Wirtschaftsministère, deen aus Vertrieder vu folgende Ministèren, Verwaltungen an Institutioune besteet: Wirtschaftsministère, Finanzministère, Educatiounsministère, Aarbechtsministère, Digitalisatiounsministère, SMC, Ausseministère, Gesondheetsministère, ADEM, Luxembourg for Finance, Luxinnovation.

Fir eng komplett Iwwersiicht vun der Problematik ze kréien, hat den Aarbechtsgrupp och Reunioune mat de Beruffskummeren a mat der Salariatskummer. D'Ambitioun vum Aarbechtsgrupp ass, fir 2020 eng national secteuriwwergräifend Strategie ze presentéieren, déi Léisungsusätz fir d'kuerz, d'mëttel an d'laang Siicht géint de Manktem u Fachpersonal wäert duerleeën.

Doriwwer eraus ass de Mangel u qualifizéiertem Personal ee vun de Sujeten, déi am 5. Plan d'action en faveur des PME, dee vum Minister fir Mëttelstand ugekënnegt ginn ass, thematiséiert ginn. Beim Ausschaffe vun dësem Plang ass en Aarbechtsgrupp virgesinn, deen sech speziell mam Mangel u qualifizéiertem Personal bei de klengen a mëttlere Betriber auserneesetzt. Déi 8 Aarbechtsgruppen, déi d'Kärtheme vum 5. Plan d'action en faveur des PME wäerten opschaffen, fänken aktuell hir Aarbechten un an hunn den Optrag, sech mat Problematiken, déi déi kleng a mëttel Betriber betreffen, auserneenzesetzen a Léisungsusätz auszeschaffen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse